PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 27/11/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir weiderzeleeden.

De 25.11 gouf bekannt dass d'Staat Lëtzebuerg plangt, privat Sécherheetsfirmen a verschiddene Quartieren an der Staat patrulléieren ze loossen. Dës Firme ginn haut schonn oft genotzt fir d'Sécherheet vu Geldtransporten an op Concerten ze garantéieren. Och wann d'Konzept vu private Sécherheetsleit net néi ass, esou stellen sech awer eng Réi Froen zu de Rechter a Flichte vun de private Sécherheetsfirmen an hiren Employéeën.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wei vill privat Sécherheetsfirme sinn hei zu Lëtzebuerg ugemellt?
   Wéi eng Autorisatioun mussen dës Firmen ufroen, fir hei am Land kënnen als privat Sécherheetsfirma dierfen ze fungéieren?
   Iwwert wéi vill Employéeë verfügen dës Firmen zesummegezielt?

2. Ginn et Krittären, déi eng Sécherheetsfirma muss respektéieren an iwwerpréiwen am Fall wou si néit Personal astellen?
   - Falls jo, ëm wéi eng Krittären handelt et sech?
   - Falls nee, firwat net?
   - Mussen dës Firmen och no dem Astelle vum Personal nach iwwerpréiwen op d'Personal d'Krittären erfëllt?

3. Mussen dës Employéeën sech ausweise kënnen, wann si am Asaz sinn?
   - Falls jo, op wéi eng Manéier mussen si de Léit ronderëm sech matdeelen, dass et sech bei hinnen em privat Sécherheetsleit handelt?
   - Falls nee, firwat net?

4. Wéi vill Plaintë sinn an deene lëschte 5 Joer géint Personal vu Sécherheetsfirmen am Asaz, deposéiert ginn?

5. Wéi eng Objeten dierfen dës Agente mat sech féieren, fir sech géint eventuell Ugréffer ze verdeedegen?

6. Dierfen si, wann se am Asaz sinn, suspekt Persounen duerchsichen?
   Dierfen si suspekte Persounen hier Rucksäck oder Poschen duerchsichen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député